

stellt? An da misst Der awer wierklech zum Schluss kommen!

(Hilarité)

» **M. Fernand Boden**, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural*. - Also, Här President, ech war schonns zweemol bal fäerdeg.

» **M. le Président**. - Mä den Här Kox wëllt lech nach eng Fro stellen.

» **M. Fernand Boden**, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural*. - Et ass an der Rei.

(Interruption)

» **M. Henri Kox** (*DÉI GRÉNG*). - Här Boden, ganz kuerz, nämlech: Et ass wuel en Ennerscheed awer hei. D'Koexistenzgesetz regelt just d'Koexistenz, wéi d'Wuert scho seet, dat heescht, d'Uplanze vu genmanipuléierten an net genmanipuléierte Planzen. Hei beim MON 810 geet et jo méi wäit, well et ass jo festgestallt ginn, dass et e Problem schaaft fir d'Ëmwelt, fir verschidden Insekten, an dass dat misst méi genee ënnersicht ginn.

Et ass dat, wat mer verlaange mat där Motioun, dass méi déifgräifend Analyse solle gemaach ginn. Vu dass Lëtzebuerg dat net fäerdeg bréngt, verlaange mer eben, dass mer eis un déi Länner uschléissen, déi dee wëssenschaftleche Background hunn, fir dat kënnen unzuegoen.

» **M. Fernand Boden**, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural*. - Jo, mä Dir wollt méi verlaangen. Dir wollt de Réckgrëff op d'Clause de sauvegarde verlaangen.

(Interruptions diverses)

Dir hutt jo gesot, datt Dir d'Regierung do net iwwerzeege kéint. Dat heescht, Dir konnt de Gesondheetsminister net iwwerzeegen.

Wann ech elo einfach interpretéieren, mengen ech, wat de Gesondheetsminister hei géif soen zu där Motioun, déi elo virläit, wou dat gestrach ginn ass, da géif ech soen, déi wär am Fong sans objet.

Well an der Motioun frot Der: «maintenir et promouvoir le principe de précaution».

Dat hu mer ëmmer gemaach, wäerte mer och an Zukunft maachen. D'Regierung huet dat ëmmer erkläert a wäert et och weider maachen.

Dir frot am zweeten Alinea: «intensifier sa collaboration avec les autres gouvernements».

Dat hu mer ëmmer gemaach, wäerte mer och weider maachen. Dat heescht, Dir fuerdert am Fong d'Regierung op, eppes ze maachen, wat se ëmmer gemaach huet.

Wéi gesot, ech wëll hei net soen, Dir sollt derfir oder dergéint stëmmen; d'Chamber soll dat souverän jugéieren. Mä ech mengen dat, wat elo an der Motioun steet, ass am Fong eng Bekräftegung an en Encouragement vun der Regierungspolitik. Wann et esou gesi gétt, hunn ech kee Problem, datt se ka gestëmmt ginn.

» **M. le Président**. - Ech soen dem Här Minister Merci. D'Diskussioun ass domadder ofgeschloss a mir komme méi spéit zum Vote iwwert dee Projet de loi.

(Interruption)

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 5748 iwwert d'Infrastruktur fir den Tourismus. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeuecht.

(Interruptions diverses)

Mir stëmmen awer eréischt méi spéit doriwewer of, Här Wagner.

» **Plusieurs voix**. - Firwat dann? Wat ass d'Ursaach?

» **Une voix**. - Mir sinn dach hei.

» **M. le Président**. - Mir stëmmen méi spéit doriwwer of an elo komme mer zum Projet de loi 5748.

(Brouhaha général)

Eng Rei vun Äre Kollegee sinn an engem Läichendéngscht an ech mengen et ass normal, datt een och e bësselche Respekt huet, datt ee waart bis déi Kollegeen erëm sinn.

(Interruptions)

» **M. Aly Jaerling** (*Indépendant*). - Här President, ech hunn d'Wuert gefrot.

» **M. le Président**. - D'Wuert huet elo den Här Jaerling.

3. Ordre du jour

» **M. Aly Jaerling** (*Indépendant*). - Här President, ech hunn d'Wuert gefrot zur Prozedur hei. Ech war de Moien an der Conférence des Présidents an do ass gesot ginn, wa genuch Députéierten do sinn, fir de Quorum ze erfëllen, da soll ofgestëmmt ginn.

Am anere Fall, wann der net genuch do sinn, da soll de Vote reportéiert ginn. Awer wann der genuch hei sinn, ass gesot ginn, soll ofgestëmmt ginn.

Den Här Braz war och an der Conférence des Présidents derbäi, wéi dat do gesot ginn ass.

» **M. le Président**. - Gutt, ech war net derbäi. Ech géif just soen, aus Respekt virun deene Kollegeen, déi an deem Läichendéngscht sinn, solle mer herno dee Vote do maachen.

(Interruptions)

Et hu sech also zu deem Projet de loi ageschriwwen: den Här Schank, den Här Etgen, d'Madame Dall'Agnol, den Här Kox an den Här Henckes. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den Här Lucien Clement.

» **Une voix**. - Vill Respekt virun Ärer Fraktioun, Här President.

» **Une autre voix**. - Et wier jiddefalls ze wënschen, dass déiselwecht...

» **M. Carlo Wagner** (*DP*). - Här President, wou steet déi Prozedur, déi Dir hei uwennt? Déi steet a kengem Reglement!

» **M. le Président**. - Här Wagner, ech mengen, et muss een e bësselche Respekt och virun deenen anere Kollegeen hunn.

» **M. Carlo Wagner** (*DP*). - Dir sidd den éischte President, den hei eege Gesetzer applizéiert!

(Hilarité et interruption)

» **M. le Président**. - Sou, Här Bettel, elo huet ganz eleng den Här Clement d'Wuert.

(Interruption)

4. 5748 - Projet de loi ayant pour objet d'autoriser le Gouvernement à subventionner l'exécution d'un huitième programme quinquennal d'équipement de l'infrastructure touristique

Rapport de la Commission des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement

» **M. Lucien Clement** (*CSV*), *rapporteur*. - Merci, Här President.

» **Une voix**. - Et ass traureg, dat do!

» **M. Lucien Clement** (*CSV*), *rapporteur*. - Ech weess net, ob ech der DP nach soll e puer Minutte loossen, fir sech ze berouegen, ier ech ufänken. Wann dat dann de Fall ass, da géif ech ufänke mat deem Projet 5748, den elo zur Diskussioun steet.

Geet et? Ass en net un, Här President? Geet et elo?

(Brouhaha général)

Ech weess net, ob et elo geet, soss muss ech méi haart schwätzen.

Also, am Projet de loi 5748, den elo zur Diskussioun steet, geet et ëm d'Exekutioun vum aachte Fënnefjoresplang am Beräich vun den Tourismusinfrastrukturen.

(Interruption)

» **M. le Président**. - Sou, ech bieden lech ëm e bësselche méi Opmierksamkeet - et ass e wichtege Projet -, fir dem Här Rapporteur Lucien Clement nozelauschteren.

» **M. Lucien Clement** (*CSV*), *rapporteur*. - Iwwert den Tourismussecteur gétt am politeschen Alldag an der Regel hei zu Lëtzebuerg net allze vill geschwat an diskutéiert, an dat menger Meenung no awer e bësselchen zu Onrecht. Den Tourismussecteur mat all senge vir- an nogelagerten Aktivitéite steiert dach en net onwesentlechen Deel zum ekonomesche Wuesstum vu Lëtzebuerg bäi. Et gétt geschat, datt den Tourismussecteur am leschte Joer 9,7% vum PIB duergestallt huet. E Prozentsaz, dee laut de rezenten Etüde bis 2017 op gutt 10% vum PIB klamme kéint.

Well déi ganz Branche och nach richtigearbechtsintensiv ass, ass den Tourismussecteur mat Sécherheet och nach e Créateur d'emploi par excellence. Wann ee kuckt, wat an de leschte Joren un Tourismusinfrastrukture bestanen huet, da stellt ee fest, datt 2005 laut den Zifferen vum Projet de loi 2.600 Etablissements am Sektour touristique bestanen hunn. Si hunn zesummen e Chiffre d'affaires vun net manner wéi 900 Milliounen Euro realiséiert.

Wa mer an den Detail ginn, da stelle mer Folgendes fest, an dat laut Statec: 2006 hate mer 284 Hotelen, Auberger a Pensiounen a plus/minus 7.474 Better an 100 Campinge mat enger Capacitéit vun 48.000 Persounen. Et fält awer op, wann een déi Zuele kuckt, datt d'Unzuel vun den Etablissements lues mä konstant zrëckfält, anersäits awer d'Capacitéit vun deenen Etablissements, déi bleiwen, stabil bleiwen, wat heescht, datt deen eenzelne Betrib méi grouss ginn ass.

D'Unzuel vun den Iwwernuechtungen an den Hotelen, Auberger, Pensiounen, Jugendherbergen a Campinger ass an de leschten zéng Joer op 2,7 Milliounen geklommen, mat engem Duerchschnittsopenthalt vu knapp zwou Nuechten an der Hôtellerie a 5,5 Nuechten an de Campingen. Dës Zuele waren iwwert déi dräi lescht Jore plus/minus awer konstant. Schätzungen no schaffen eng 25.000 Persounen direkt oder indirekt an deem Sektour. Eng Zuel, déi bis 2017 op 32.000 Leit an d'Luucht goe soll.

Dat, Här President, si mat Sécherheet ganz impressionnant Zuelen, deenen ee sech net ëmmer esou bewosst ass, wann een hei zu Lëtzebuerg iwwer Tourismus schwätzt. Mä et sinn Zuelen, déi awer d'Wichtigkeet vun deem Sektour an eiser nationaler Ekonomie op eng ganz effikass Manéier dätlech maachen an déi statistesch och beluecht sinn.

De Sektour vum Tourismus ass an deene leschte Jorzénngen aktiv an intensiv vum Stat duerch déi successiv Fënnefjorespläng begleet a gefördert ginn. Déi verschidden uneneegereite Fënnefjorespläng hunn zënter 1973 den Tourismus a sengem Développement gefördert an hu gehollef, him dee Stellegwäert ze ginn, den hien haut huet. Mir ginn duerfir och am Ausland zu Recht geschätzt a respektéiert.

Dat heescht awer net, oder dat soll awer net heeschen, datt een elo alles erreecht huet a mat deem Erreichte soll zefridde sinn. Mir befannen eis hei zu engem groussen Deel am Sektour privé. Do gétt et keen Ausrouen op de Lorbeeren. Do muss ee sech ëmmer erëm an all Dag nei bewiesen an et muss ee sech och all Dag d'Fro stellen: Wat kann ech besser maachen, oder wat hunn ech net richtig gemaach?

Fir mat der Evaluatioun an deem Sektour matzehalen, mussen ëmmer erëm nei innovativ Iddien op den Dësch kommen, dat souwuel vu staatlecher Säit wéi selbstverständlech och aus dem Privatsecteur selwer. Dës Iddië géllt et dann en musique ze setzen an duerfir ass esou e Fënnefjoresplang e ganz géeeigent Instrument a stellt mat Sécherheet och e ganz géeeigente Kader dozou duer.

Wann een elo déi verschidde Fënnefjorespläng analyséiert, gesäit een, wéi den Tourismus hei zu Lëtzebuerg um nationalen, regionalen a lokale Plang an deene leschte 35 Joer evoluéiert huet.

Duerch deen éischte Fënnefjoresplang, dat war 1973, hunn d'Gemengen an d'Syndikater Subventionen um Stat kritt, fir Equipe-menter an nei Infrastrukturen ze realiséieren. Et ass schonn deemools erkannt ginn, dass mer e groussen Nachholbedarf am Beräich vun deenen Infrastrukturen haten.

Am zweete Fënnefjoresplang gouf et zousätzlech zu deem, wat ech virdu gesot hunn, och Hëllef fir d'Hôtellerie, wann d'Hôtellerie sech moderniséiert, rationaliséiert oder erweidert huet.

1983 sinn dunn awer zwou nei Zilsetzungen derbäikomm. D'Subventiounen goufe verdeelt fir den Aménagement vu Gîtes ruraux a fir d'Konseervatioun an d'Mise en valeur vun eise nationaler kultureller Patrimoine.

Am véierte Plang si véier nei Initiativen derbäikomm: finanziell Hëllef fir Privatpromoteuren, déi Projekte realiséieren, déi eng regional Wichtigkeet hunn; Hëllef fir d'Konstruktioun an der Hôtellerie oder fir privat Campingen, an zu gudder Lescht Hëllef fir d'Syndikater, déi sech informatiséiert hunn oder sech anert audiovisuellt Material ugeschafft hunn.

Am fënnfte wéi och am sechste Plan quinquennal gouf de Recommandatioun vum der ETI-Etüd vun 1992 Rechnung gedroen, déi deemools eisen Tourismussecteur analyséiert hat a wou och eng ganz Rei vu

Richtlinnen a Suggestiounen festgehalen goufen.

Esou ass zum Beispill festgehalen ginn, datt mer hei zu Lëtzebuerg en Tourismussecteur wëllen hunn, deen d'Liewensqualitéit an d'Qualitéit vum Tourismus selwer als prioritär ugesäit. D'Qualitéit an d'Durabilitéit sinn also Stéchwierder vun eise Tourismus ginn. Den Akzent gouf virun allem op Kongress- a Kulturtourismus geluecht.

2001 huet den Tourismusminister Fernand Boden eng nei Etüd beim ETI, dem Europäeschen Tourismus Institut op der Uni Tréier, an Optrag ginn, an dat fir ze kucken, wéi den Tourismussecteur sech bis dohinner entwéckelt hat. Dës Etüd beschäinegt, datt d'Zilsetzungen, déi ufanks den 90er Jore gesat goufen, zu engem groussen Deel erreecht gi sinn. Souwuel déi infrastrukturell Offer wéi d'Equipementen kruten en internationalen Niveau vun där Etüd do attestéiert.

Op där anerer Säit seet dës Etüd awer och, datt nach zousätzlech Efforten ze maache sinn, wat d'Organisatioun, d'Formatioun an de Marketing vun an am Tourismus ugeet. Esou goufen zum Beispill d'Schafe vu regionalen Tourismusagencen oder den Développement vu spezifesch Formatiounen proposéiert. Deene Propositionen an aneren Iddië si mer am siwente Fënnefjoresplang nokomm. Konzepter an Etüde sinn ausgeschafft ginn, fir e Stéck méi Professionalismus an den Tourismussecteur eranzebréngen.

Här President, deen neie Fënnefjoresplang befaasst sech mat der konkreter Ëmsetzung vun dëse Konzepter an Etüden. Selbstverständlech ginn all déi Projekte weiderfinanziéiert, déi fir den 1. Januar 2008 nach net fäerdeg gestallt waren an déi hiren Ursprung am siwente Fënnefjoresplang haten a souzesoen à cheval mat deem neie Fënnefjoresplang leien.

Ausserdeem gétt et méiglech, eng Rei Projekte finanziell ze begleeden, dat net nëmmen um Investissement vun den Infrastrukturen, mä och un hirem Fonctionnement. Dat Ganzt geschitt en vue vun engem méi groussen Professionalismus an deem Sektour. Y compris déi lokal Tourismussyndikater. Dësen neie Plang couvriert d'Joren 2008 bis 2012 an huet eng Enveloppe ze finanzéieren vun net manner wéi 50.296.000 Euro. Dat ass eng Augmentatioun par rapport zum leschte Fënnefjoresplang vu 34%. Eng Augmentatioun, déi eise Tourismus wäert an deenen nächste fënnef Joer mat Sécherheet ganz gutdoen.

Well et sech awer hei ëm eng ganz zolidd finanziell Enveloppe handelt, wëll ech dann net nëmmen de Ressortminister Fernand Boden dofir begléckwënschen, mä ech wëll och dem Budgetminister Luc Frieden mat Merci soen, datt hie sech dorunner bedeelegt huet. Dat beweist och, datt d'Tourismusbranche e gewëssene Stellegwäert an der Regierung genéisst.

Des Weidere sollen dës Suen ënner anere am d'Modernisatioun an den Ausbau vun den Tourismusinfrastrukturen fléissen. Nei Projekte si virgesinn: esou de Bau vun enger neier Schwämm am Osten; d'Moderniséierung vun de Schwämme Réimech a Gréiwemaacher; och nach de Bau vun enger Jugendherberg am Minett, oder d'Revalorisatioun vum Mäerchepark zu Beetebuerg, fir nëmmen déi puer hei ze nennen. Nieft dëse Projekte ginn awer och Moderniséierungsefforten an der Hôtellerie, de Jugendherbergen an de Campingen ënnerstëtzt, geneesou wéi weiderhi Fonctionnementsfraisé bei verschiddene Projekte kënnen iwwerholl ginn.

Nei ass awer, datt duerch dëst Gesetz och Investissementen a Qualitéitszertifikaatiounsprogrammen ënnerstëtzt ginn. Hei geet et kloer drëm, d'Qualitéit am Tourismus ze verbessern an dat weiderzeféieren, wat säit den 90er Joren am Tourismus amgaangen ass.

Ech kënn elo nach laang weiderfueren an am Detail alles erzielen, wat duerch deen neie Fënnefjoresplang am Beräich vum Tourismus soll ëmgesat ginn. D'Applikatioun vun deem Fënnefjoresplang gétt ganz genau an deene verschiddene groussherzogleche Reglementer beschriwwen. Dës Reglementer waren och beim Projet de loi annexéiert. Hei ka sech jiddferen en exakt Bild maachen, wéi déi nun awer trotzdeem

héich Finanzen wäerte verdeelt ginn a wien ënner wat fir engen Ëmstänn a Konditiounen dovunner profitéiere kann.

Souwuel d'Chambre de Commerce wéi och de Statsrot begrëissen alle béid dësé Projet an ënnersträichen an hire jeeweilegen Avisen d'Wichtigkeet vun dësem Instrument fir den Développement vun der Tourismusbranche. Déi eenzeg Kritik, déi d'Chambre de Commerce mécht, betrëfft dee Punkt, dee seet, datt bei verschiddene Bauprojete wéi beim Iwwerhuele vun de Fonctionnementsfraisë verschidden Tauxen ugewannt ginn, wann et sech ëm Frais privés oder Frais publics handelt. Si plädéiert an hirem Avis fir en eenheetlechen Taux, egal ob den Initiateur d'öffentlech Hand oder e privaten Investisseur ass.

D'Kommissioun huet doriwwer laang diskutéiert, ass awer net onbedéngt darselwechter Meenung wéi d'Handelskummer, well et sech bei deem méi héijen Taux de subvention dach eisichter ëm Investissementer oder Projeten handelt, wou den Investisseur privé net onbedéngt ganz schaarf drop ass, fir esou Projeten ze realiséieren. Si sinn einfach finanziell net interessant fir de Privatsektor an duerfir och net realiséierbar mat engem Taux de subvention, wéi en an de Classes moyennes nun eben üblech ass a wéi en och vu Bréissel an deem Sektour virgi gëtt.

À titre d'exemple wëll ech do just déi touristesch Infrastrukturen zu Munzen oder zu Rëmeleng zitéieren. Et geet hei eenzeg an eleng drëm, dës Infrastrukturen ze hale mat dëse méi héije Subventiounen. Et geet mat Sécherheet net drëm, datt den öffentleche Sektour hei soll a privat Konkurrenz mam Sektour privé trieden.

Här President, d'Kommissioun begréisst dësé Projet de loi a proposéiert duerfir der Chamber och den Text an där virleiender Form ze stëmmen. Als Rapporteur soen ech Merci fir d'Nolauschteren a wënsche mer selbstverständlech, datt dësé Projet en héijen Taux vun Zoustëmmung kritt.

Ech soen Iech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Ech soen dem Här Lucien Clement Merci. Als éischte Riedner ass den Här Marco Schank agedroen. Här Schank, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

» **M. Marco Schank (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen haut iwwert den aachte Fënnefjoresplang fir den Tourismus fir d'Period vun 2008 bis 2012 of. D'Progressioun ass ganz daitlech. De Rapporteur huet et gesot: 34% Progressioun. Dat mécht eppes iwwer 50 Milliounen Euro insgesamt. Wann dee siwente Fënnefjoresplang gehollef huet, fir eng Rei Viraussetzungen ze schafen, datt mer nei Strukturen am Tourismus kréien - ech soen herno e puer Wuert dozou -, da wäert dësé Fënnefjoresplang hëllefen, dës Strukturen an d'Praxis ëmzesetzen.

Ech gräifen ee vun de leschte Sätz op vum Kolleg Lucien Clement, nämlech dee vun der Qualitéit: qualité de vie et qualité du tourisme. Ech mengen, datt dat e Leitmotiv vun eisem Tourismus ass. Dat ass och d'Leitmotiv vum Koalitionsaccord, wou eng Rei wichteg Politikfelder drastinn.

Am Kontext Tourismus ginn ech vläicht e puer Stéchwierder: d'Schafe vun attraktive Produiten; d'Verbessere vum Marketing - eppes, wou mer stänneg dru schaffen -; effikass Strukturen; dann ee ganz wichtige Sujet, d'Dimensioun Kultur an der touristescher Offer no 2007 verstärken, mat der Abeziung vun der Groussregioun - dozou wollt ech méi spéit eppes soen -; dann natierlech d'Klassifizéierung; iwwerhaupt een nohaltegen Tourismus entwéckelen, wou de ländlechen Tourismus och ee vun de Problemerkanner ass de Moment. Och dorop wëll ech zrëckkommen.

Just am Ufank, Här President, zwou, dräi Zuele vum Statec. Zwou positiv Zuele viruewech. Déi éischt ass déi, datt nach ëmmer - do freeë mer eis all driwwer - vill Touristen op Lëtzebuerg kommen. 2006 louch Lëtzebuerg mat 352 Arrivéee pro Kilometer carré an Europa an eisichter Plaz. Duerno kommen Holland an Zypern mat 258 respektiv

242 Arrivéeeën. Datselwecht 2006, wann een den Tourismus europawäit kuckt. Bei den Arrivéee pro Awunner läit Lëtzebuerg u fënnefter Plaz no Island, Zypern, Eisträich a Kroatien.

Ech widerhuelen déi Zuelen net vum Lucien Clement. Insgesamt ginn d'Arrivéeeën an d'Luucht vun 2004 bis 2006; d'Nuitéee gi llicht erof. Mir sinn nach ëmmer op engem héijen Niveau, awer - an dat muss een och daitlech soen - mir hu regional ganz grouss Ënnerscheeder a mir hunn an deene verschiddene Segmenter ganz grouss Ënnerscheeder. Wann ech de Business-tourismus huelen an ech huelen de Fräizäit-tourismus, hu mer effektiv grouss Ënnerscheeder. Dozou nach e puer Wuert.

Wann ech d'Hotele kucke vun 2005 bis 2006, da gi mer an den Ardennen beispillsweis vun 160.000 op 148.000 erof, am Mëllerdall, der Petite Suisse, ëmmerhi vun 103.000 op 89.000. Do muss ee reagéieren.

Vläicht ee Saz zum Tourismus an der Hauptstadt. Mir kënnen frou sinn, datt mer an der Stad Lëtzebuerg mam LCTO insgesamt eng Lokomotiv hu fir eisen Tourismus. Et ass e ganz ausgeprägte City-tourismus, dee ganz professionell a ganz clever organiséiert gëtt. Et soll een och eng Kéier daitlech soen, datt do gutt Aarbecht gemaach gëtt.

Ech wollt awer dann op déi regional Ënnerscheeder kommen, déi ech virdru schonn ugedeit hunn. Wa mer den Tourisme de loisirs huelen, also de Fräizäit-tourismus insgesamt, zum Beispill an den Ardennen an am Mëllerdall, der Petite Suisse - muss ee jo elo derbäisoen -, awer och op Deeler vun der Musel respektiv am Äischdall, da muss ee sech awer eng Partie Froe stellen. Et muss een och eng Partie Äntwerten op déi Froe fannen.

Deen Tourismus ass natierlech ganz staark geprägt duerch de Camping-tourismus. En ass natierlech doduerch och méi staark widerofhängeg. Bei de Campinge gëtt et och grouss Ënnerscheeder, awéiwäit d'Betribber investéieren. Ech wollt op jidde Fall soen, datt mer weider Investissementer souwuel am Indoor- wéi am Outdoorberäich brauchen.

Ech bleiwen ee Moment beim Outdoor. Beim Nordic Walking si mer frou, datt mer elo och Parken hunn. Et huet awer ganz laang gedauert bis mer déi iwwert d'Land verdeelt haten; mir erm eng Iddi ze laang. Si sinn awer ganz gutt gemaach. Da ginn et och ëmmer weider Héichseelgäert. Si investéieren. Dat ass gutt. Wann ech iwwerhaupt d'Adventure-Aktivitéite kucken am Tourismus, da geschéien eng Partie Saachen. Wou een natierlech frou wier, dat wier wa mer beim Canoë-kayak och géife Solutiounen fannen; eng definitiv Regulung, wou déi Leit, déi do investéiert hunn oder investéiere wëllen, och genee wëssen, wou se dru sinn.

Bei den Indooraktivitéite gëtt elo awer déi lescht Zäit relativ vill investéiert. Ech denken u Schwämmen, Erlebnisbäder, Spillplazen, Bowling. Dat heescht, Spillplazen ënnerdaach natierlech, eng Partie Attraktiounen brauche mer, besonnesch wa mer wëllen och de Familiëntourismus ukuerbelen; dozou wollt ech herno nach eng Proposition maachen.

D'Acteuren am Tourismus maache sech also ganz vill Gedanken am Kontext Fräizäit-tourismus. Am ONT an an den ORTen, déi nei gegrënnt goufen, zesumme mam Ministère, sinn d'Viraussetzunge geschaf gi fir eng Stärkten-Schwächten-Analys an deem Kontext, besonnesch wéi gesot Ardennen, Mëllerdall, kleng Lëtzebuerger Schwäiz, an och Musel, Äischdall, fir och do d'Stärkten erauszestrichen, an ech wäert och gläich eppes zu de Stärkte soen.

Déi ass am ländleche Raum natierlech d'Landschaft. Dat sinn d'Produiten am ländleche Raum, dat ass awer och de kulturelle Patrimoine insgesamt, de geschichtlechen, den architektonesche Patrimoine. Och do hunn d'Naturparken daitlech gemaach iwwer europäesch Projeten, datt se wëllen en neit Leitbild dobause propagéieren, datt ee seet, verstärkt Aktiv- a Genossregioun ze ginn; eppes wat och op der Musel en Deel-Leitbild elo schonn ass oder probéiert gëtt ëmzesetzen. Ech mengen, datt een dat brauch, an dozou natierlech awer och eng zesummenhängend Vermaantung.

Nei Strukturen, ech hunn et gesot, den 22. respektiv de 24. Oktober sinn den ORT-Ardennen respektiv den ORT-Mëllerdall gegrënnt ginn. Eng laang Fuerderung vu ville Leit am Tourismusberäich, well mer e Strukturproblem haten, wou awer elo déi Lücken zum Deel combléiert ginn.

Mir haten de Problem, ech widerhuelen dat nach eng Kéier, datt mer den ONT hunn, den awer net do ass fir touristesch Politik

an Entwécklungen ze maachen, mä an eisichter Linn do ass fir Promotioun ze maachen - esou steet et an de Statuten -, währenddem de Ministère fir déi entsprechech Politik zoustänneg ass, an deréischent feelt et oder huet et och ëmmer gefeelt un entsprecheden „task force“n, net nëmmen an de Regiounen, mä och iwwergräifend.

Zumindest dat ännert sech elo. Elo ginn d'Kräfte gebündelt, elo sëtzen all d'Acteuren an engem Dësch an net jiddfeeren a sengem Eck mécht seng Zëppchen. Dat ass awer e Fortschritt, och wa mer nach net do sinn, wou mer gär hikommen, mä ech mengen, datt et awer e ganz wesentleche Fortschritt ass, datt een net nëmmen déi éierenamtlech Acteuren, mä och déi professionell Acteuren zesummen un engem Dësch huet.

Ech widerhuele se nach eng Kéier: d'Syndikater natierlech duerch hir Ententen, d'Gemengen, d'Stied, d'Naturparken a virun allem och de Sektour professionnel, den do mat um Dësch sëtz, wéi Horesca, Camprilux a wéi se alleguerten heeschen am Hébergement.

Effikass Strukturen, dat ass een Deel vun där daitlecher Opdeelung vun den Aufgaben, déi och den ETI scho viru Jore verlaangt huet. Duerfir mengen ech, datt mer do virukommen.

Och ee Saz nach zu den Naturparken. Ech hu viru knapp zwee Joer gesot, datt am Mëllerdall sech eppes deet, am Mëllerdall, där klenger Lëtzebuerger Schwäiz. Ech mengen, datt do elo ganz flott Efforté gemaach ginn, och um Niveau vun dem Leadergrupp, datt dee ganz vill Impulser bruecht huet an deem Eck an datt eben och lues a lues den Naturpark am Mëllerdall eben op d'Schinn kënnt.

Ech wollt dann och eng konkret Proposition maachen, wat ech menge wat de ländlechen Tourismus kéint dynamiséieren. Dat ass d'Iddi fir am Kontext Familiëntourismus déi eng oder aner Initiativ ze huelen. Famillje mat Kanner, déi sichen Destinatiounen mat Landschaft, mat Natur a virun allem eben och mat Indoor-Aktivitéiten. D'Proximitéit zu groussen Agglomeratiounen, direkt un eise Grenzen, gëtt eis do e wichtigen Atout. Et gëtt eng Partie auslännesch „tour operators“ an och Éditeuren, déi soen: Mir wëllen esou e Segment vermaarte fir d'Familljen.

Och wann ee mengt, datt Lëtzebuerg an eisichter Vue manner Offeren do hätt, muss een awer soen, datt Offer do ass. Et muss ee se just entsprechech bündelen a se dann och richtig ureegen, d'Kreatioun ureege vun engem spezielle Label, eppes wat et schonn am Ausland gëtt, esou eng Aart Familiengütesiegel, wat een aus dem Ausland kennt. Zum Beispill déi Familljen, déi scho viru Joren an och haut nach an d'Schwäiz, an Eisträich, an Däitschland ginn an déi Familljenhotels, an déi Kinderhotels, wou et an Zwëschenzäit Verbänn gëtt, déi déi Kritären ëmmer erm a jour setzen, déi een do muss erfüllen, wann een ee Betrib aus dem Hébergement ass, ob dat elo Camping ass oder Hotel oder Auberge, fir deem ze entsprechen.

Dat kann een net eleng maachen. Do brauch een d'Acteuren alleguerten. Do brauch een och d'Hëlef vum Ministère, wou een d'Modalitéite studéiert, fir d'Viraussetzungen ze schafe vun esou Konzeptiounen, vun där Mise en place vun esou engem Label. Duerfir dat, wéi gesot, als Ureegung, mat u Formatioun gebonnen. Ähnlech wéi et elo beim Q-Label leeft, Formatioun vun de Betriben an dann och en entsprecheden Accueil an alles wat dodrunner hânt, fir dat ze professionaliséieren.

Ech mengen, datt ee vum Familiëntourismus och séier bei de Campingen ass. Ech wollt och eppes zu dem Camping-tourismus soen. Do ass an der Vergaangenheet Gott sei Dank eng substanzuell Verbesserung a Richtung Qualitéit geschitt.

Ee Saz just och zum Campingcar-Tourismus: D'lescht Joer 2007 war dat éischt Joer, wou méi Campingcaren ugemellt goufe wéi Caravanen. Dat heescht, et muss een de Betriben soen, hei passt op, vergiesst net, datt Der spezifesch un déi Clientèle denkt, well dat ass eng Clientèle, déi ganz dacks relativ vill Suen am Porte-monnaie huet an och dann doduerch eng Partie Sue bei eis géif loosson.

Dann ee Saz nach zu der Refinanzéierung vum Tourismus. Ech ginn elo net op d'Evaluatiounsetüd vum ETI vun 2001 an, si ass virdru schonn ugeschnidde ginn. Mä eppes zur Refinanzéierung. Do ass et wichtig, datt mer endlech och Modellen ëmsetzen. Et geet net duer fir vu Modellen ze schwätzen. Et héiert ee sech jo ëmmer déiselwecht Saache soen.

Zumindest si mer elo méi wäit, wéi déi Motioun, déi mer virun zwee Joer adoptéiert hunn, datt d'ORTen, déi ganz kloer en Opdrag hunn an - ech ginn elo net op déi zwee Modeller an -, mä mer zwee Modeller och um Dësch leien hunn, fir verstärkt och déi verschidden Acteuren, ënner anerem och d'Gemengen, de Stat souwisou, mä och d'Betriben, iwwert hir Vertrieedungen, an dat Boot ze kréien. Well fir mech mécht eng Taxe touristique nëmme Sënn, wann een dee ganze Sektour, dee vum Tourismus profitéiert, och mat an d'Boot kritt.

Dat ass net einfach. Dat ass duerch den Inhalt, wat ee gäre fäerdeg bréngt, net einfach, an doduerch brauch dat méi laang. Ech mengen awer, datt d'ORTen dat dote kéinte fäerdeg bréngen, fir en eenheetleche Modell op den Dësch ze kréien.

Ee Saz zum professionelle Guidage, well dat esou wichtig ass; just zwou Zuelen. Ëmmerhin, an der Stad huet den LCTO 2007 252.000 Participanten an de geféierte Visité gehat. Dat sinn der enorm vill. Dat ass ëmmerhin och eng Progressioun vu 50.000 Visiteurs par rapport zu 2006. D'A.s.b.l. Guides du Nord huet ëmmerhin 2007 iwwer 22.000 Touriste guidéiert. Och dat ass eng Progressioun. Dat weist, datt mer eng professionell Betreuer vun den Touristen brauchen, well déi dat froen, an och d'„tour operators“ froen dat.

Ech wollt dann zu engem anere Segment kommen. Ech hu vum ländlechen Tourismus, vum Fräizäit-tourismus a vum Bannentourismus geschwat. De Business-tourismus - just ee Saz dozou, obwuel mer immens frou kënnen sinn, datt mer den hunn -: Den ONT huet virun engem Joer eng Émfro gemaach. Do ass dann erauskomm, datt net manner wéi 48% iwwert d'ganz Land Business-touriste sinn. An der Stad an am Süde 70 bis 80%. Do profitéiert och Munnere, fir een Uert ze nennen dovunner. Natierlech ass et ee wichtige Piler, den och mam Bankesektour direkt zesummenhängt.

Ech wollt mech dann nach méi laang awer beim Kulturtourismus ophalen. 2007 ass laanscht an där awer och net laanscht sinn. Den definitive Bilan steet nach aus. Dir wësst, datt eng Etüd amgang ass gemaach ze ginn; déi wäert och deemnächst op den Dësch kommen. Gutt, déi Zuelen, déi kennt Der: 2,5 Milliounen Visiteuren, 450 Projekte mat 5.000 Manifestatiounen.

Ech mengen, datt d'Zesummenaarbecht zwëschent der Kultur an dem Tourismus nach ni esou enk war, wéi eben dat lescht Joer, am Virfeld an och elo weider, an d'Kooperatioun zwëschent deene béide misst stänneg an nohalteg verbessert ginn, wa mer Lëtzebuerg als kulturtouristesch Destinatioun méi staark wëlle positionéieren.

Mir hunn aussergewéinlech Infrastrukturen. Ech brauch déi net opzezielen. Dat geet vun der Philharmonie iwwert de Mudam, d'Stater Muséeeën - déi genial sinn op engem relativ klengen Territoire -, d'Rockhal, de CAPE, de CUBE douewen zu Munzen, alles dat gëtt eis eng Partie Méiglechkeeten. Mä et wier awer och gutt, wann déi Kulturhaiser an all déi, déi ech genannt hunn an nach aner, och géife verstärkt op spezialiséiert Salone goen an och sech an enger Partie Reesprogrammer vun deene spezifesch „tour operators“ ermëfannen, déi Kulturreesen organiséieren.

An dann, mäin Dadda, ech soen et nach eng Kéier: Et ass wichtig, datt all déi Konkakter, déi Netzwierker, déi opgebaut goufen 2007, datt dat bestoe bleift, datt ee sech déi Moyenen dofir weiderhi gëtt. Ech si frou, datt déi politesch Verantwortlech och gesot hunn, si géife sech an der Grande Région weider treffen. Dat ass enorm wichtig an do hânt nach eppes drun.

Do hânt déi Incoming-Agence drun, déi mer jo kruten, den „tour operator“ duerch 2007, eng laang Fuerderung och vun engem ONT a vun anerem Acteuren. Ech kéint mer virstellen, datt een esou en „incoming operator“ kéint an engem Groupement économique agliddere mat all de Partner, dem Ministère an - wéi se alleguerten heeschen - d'Horesca, d'Luxair, d'CFL, Luxexpo, fir datt een esou en „tour operator“ bestoe léisst an effektiv dat fäerdeg bréngt, wat mer virun zwee Joer och an enger Motioun hei gestëmmt hunn am Kontext Kulturjoer. - Natierlech soll een awer d'Evaluatioun ofwaardnen.

Ech erënnern och un déi iwwer 20 spezifesch Moosnamen, déi den ETI als Virbereedung vum Kulturjoer op den Dësch geluecht huet. Doraus ass eng Moosnam och elo viru kuerzem ëmgasat ginn: Dat ass den Innovatiounspräis am Tourismus, den och Impulser soll ginn, fir innovativ am Tourismus ze wirken, mat Konzepter, neie Projeten an esou weider. Mir hoffen, datt dat och dee Rôle spillt, dee mer eis do virstellen.

droen derzou bäi, dass eis Hauptstadt fir den Tourist interessant ass an interessant wäert bleiwen.

D'Stad Lëtzebuerg woussdt och ëmmer hire wichtigsten Atout, nämlech hire Patrimoine, ze respektéieren, auszebauen an an d'Fënster ze stellen. D'Stad Lëtzebuerg huet ëmmer een offene Geescht gewise mat neien innovativen Eventer op deene verschiddensten Niveauen. Ech wëll der nëmmen e puer als Beispill zitéieren: d'Nuecht vun de Muséeën; de Kultur-Rallye; de Rock-festival um Knuedler; d'Animatioun ronderëm den Nationalfeierdag, oder de Stad-marathon, dee bei senger zweeter Editioun net manner wéi 7.800 Participantë konnt ziele mat engem positiven Impakt op d'l'wernuechtungen.

Här President, besonnesch am Norden, awer och am Mëllerdall an op der Musel feelt et u groussen touristeschen Attraktiounen, u sougenannte Projets-phares. Et gëtt ze vill kleng Offeren, déi sech deelweis iwwerschneiden, ze vill du déjà-vu et -vécu. Et feelt einfach u grouesse publikumsträchtegen a wierklech innovative Lokomotiven. Et ass richtig, dass och am Norden an am Osten am Kader vum siwente Fënnefjoresplang wichteg a richtig Projekte massiv ënnerstëtzt goufen, wéi zum Beispill den Domaine touristique zu Munzen, en neie Sessellift zu Veianen, eng nei Jugendherberg zu lechnernach oder den Aménagement vu Wanderweeër a Vëlospisten.

À propos Vëlospisten. D'nächst Joer ginn et zéng Joer, dass mer d'Gesetz iwwert den nationale Réseau vu Vëlospiste gestëmmt hunn. Et wier also un der Zäit, een Inventar ze maachen, wou mer haut dostinn a wat vun den 1999er Ambitiounen ze maache bleift. No zéng Joer misst dëse Réseau och enger kompletter Revisioun ënnerzu ginn an deenen neie lokalen a regionale Gegebenheeten ugepasst ginn.

Den Adventure Park mat Klotergaart an der Fuussekaul ass interessant, well en an der direkter Proximitéit vun engem grouse Camping läit. En ass awer och interessant fir de Bannentourismus an d'Lëtzebuerger Schoulen, déi do den idealen Terrain fanen, fir uspriechend Aktivitéite géint de Bewegungsmangel vun de Schüler ze maachen.

Strukture wéi de Cornelyshaff oder de Buttek vum Séi zu Heischent lackele keen zousätzlechen Tourist op Lëtzebuerg. Si droen awer - an dat däerfe mer net vergies-sen - derzou bäi, de ländlechen Tourismus opzewäerten.

Et gëtt nach eng Rei vu strukturelle Schwaachpunkten, wéi beispillsweis d'Feele vun engem Mëttelklassehotel am Raum vun der Nordstad. An der Nordstad hapert et awer och enger moderner zäitgerechter Jugendherberg an et feele kan-ner- a familjefrëndlech Hotelén.

Trotz dem Manktum u wichtige groussen In-frastrukture kann den Tourismus am Éislek awer ee groussen Erfolleg erliewen, nämlech dann, wa ganz konkret op d'Stäerke vum Éislek opgebaut gëtt. Net nëmmen an deenen zwee Naturparken Uewersauer an Uer, mä am ganzen Éislek bitt déi traditionell Kulturlandschaft d'Grundlag, fir een ex-zellent Tourismusprodukt ze vermaarten. Vlächdt e puer Stéchwierder, fir ze illustréiere wat hei gemengt ass:

Aktiven Naturtourismus: D'Méiglechkeeten, déi mer am Éislek a puncto Wandéren, Mountainbike, Nordic Walking, Vëlo, Kajak, Kanu, Segelen, Tauchen, Schwammen oder Fëschén hunn, ginn net genuch genotzt oder awer vlächdt net genuch vermaart.

Kulturtourismus: Investitiounen wéi de CAPE zu Ettelbréck an de CUBE 521 zu Maarnech misse verstärkt an der touristescher Offer nieft dem Veianer Schloss an der Fotoausstellung vu Klierf erëmzefanne sinn. Datselwecht gëllt fir déi gutt opgestallte Muséeën, wéi den Automusée zu Dikrech an déi zwee Krichsmuséeën zu Ettelbréck an zu Dikrech.

Historeschen Tourismus: D'Schlässer an d'Buerge am Éislek brauche méi eng rationell a koordinéiert Promotioun. Et gëllt d'Maartelenger Leekaulen touristesch a kulturhistoresch ze erschléissen.

beanstanden ass d'Tatsaach, an dat ass méi wéi bedauerlech, dass déi gutt Iddien net ëmgesat gi sinn.

Heiansdo huet een d'Impressioun, et hätt sech am Tourismusministère am Laf vun deene ville Joren ënner engem an deemselwechte Minister eng gewësse Lethargie ageschlach. De Fënnefjoresplang ass zu enger Routineübung ginn, där quasi all Innovationspotenzial feelt an iwwert déi all fënnef Joer an der Chamber ouni gréisser Diskussiounen ofgestëmmt gëtt.

Duerfir ass et eng gutt Iddi, fir en Innovationspräis fir Tourismus 2007 hei zu Lëtzebuerg anzeféieren, well et feelt u kreativen Iddien an zukunftsweisenden Akzenten.

Och am neie Fënnefjoresplang feelt et un den entscheidenden Impulser, fir d'Tourismusbranche ze dynamiséieren. Trotz villen Etüden, trotz enger ëmmer méi moderner Konzeption, engem moderne Marketing, kriteschen Analysen, huet een dach d'Impressioun, dass et un engem touristesche Gesamtkonzept feelt. Ee Konzept, dass mir ëmsou méi opgrond vun de Schwaachpunkte vun eiser Tourismusbranche dréngend brächten.

Här President, eng vun de Schwächte vum Lëtzebuerger Tourismus ass a bleift d'Wieder. Doriwwer kënnen mer alleguer laang lamentéieren, dergéint maache kënnen mer awer trotzdeem näischt. Wa mer dat kéinten, wier wahrscheinlech alles e gutt Stéck méi einfach.

» **Une voix**.- E schéine mediterrane Klima!

» **M. Fernand Etgen (DP)**.- Säit Jore schwätze mer jo scho vu méi Indoorméiglechkeeten. Grad ee Fënnefjoresplang kéint ideal sinn, fir all puer Joer ee grouse Projekt ze ënnerstëtzen.

A puncto Piscinnen ass viles a Bewegung komm mat neien Infrastrukturen, haaptsächlech am Zentrum an am Weste vum Land. Ech wëll hei als Beispill just déi Réidener Schwämm zitéieren, déi net zulescht op den Asaz vu mengem Virgänger, dem Emile Calmes, a vum Camille Gira zrëckzeféieren ass. Am Norde brächte mer och nach esou eppes wéi en Aquadrom, ee Spaßbad, ee Fräizäitpark, eng Inland-Skatepist oder Ähnlech. Mam Marco Schank hoffen ech, dass de Projekt an der Fuussekaul eppes gëtt.

Wa keen Investor fir esou oder ähnlech Projeten ze begeeschteren ass, muss ee sech nei iwwerleeën, ob een net soll op en Tourismus zrëckgräifen, dee säi Wee hei zu Lëtzebuerg nach net gemaach huet, nämlech dee vun de sougenannte Center Parcs. Dëser Deeg hunn ech am „Wort“ gelies, dass esou ee Projekt mat 4.080 Better op 400 Hektar an der Lorraine 2010 Realitéit wäert sinn. Mir brauche sécherlech keng dausende vu Better, mä eng Struktur, déi d'Méiglechkeete vun der Regioun an hiert Fonctionskonzept mat abënn. Zum Beispill wann ee gutt fonctionnéierende Pärdsstall an der Géigend ass, soll deen an de Programm vum Fräizäitpark mat erageholl ginn.

Esou Projekte wéi och vill aner Fräizäitparke géifen eiser Meenung no mat Sécherheet gutt vun enger Lëtzebuerger Klientell, vu Lëtzebuerger Famillje mat Kanner, déi manner wéi eng Stonn vun doheem een Dag oder e puer Deeg Vakanz wëlle maachen, akzeptéiert ginn. Et wier dëst och déi passend Äntwert op déi feelend Capacitéit vun l'wernuechtungsméiglechkeeten am ländleche Raum.

Här President, esou Signaler vun engem konkrete grouse Projekt sinn an deem virleiende Fënnefjoresplang net ze erkennen. Mir mierken a gesinn et och unhand vun den Zuelen, dass do, wou an deene leschte Joren Akzenten gesat goufen, nämlich an der Stad Lëtzebuerg, positiv Resultater net ausbleiwen. D'Entwécklung am Zentrum an am Süde weist eng Croissance vun l'wernuechtungen op, während am Norden an am Osten dës Zuele stagnéieren, jo souguer deelweis réckleefeg sinn.

Et ass impressionnant ze gesinn, wéi de Citytourismus sech an eiser Hauptstadt opgrond vun enger zilorientéierter Politik vun der Stad Lëtzebuerg an dank engem gutt fonctionnéierenden LCTO entwéckelt huet! Déi nei Investissementer wéi d'Philharmonie, de Mudam, d'Abtei Neumünster, déi ex-zellent konzipéiert Muséeën, sinn iwwer all Kulturjoer eraus Garant fir laangfristeg positiv Effekter.

» **M. Lucien Clement (CSV), rapporteur**.- Et war näischt Positives derbäi. Ha-haha!

» **M. Fernand Etgen (DP)**.- Jo, Här Clement.

Awer och d'Kasematten, de Palais, d'Stadbild, eng schéi propper an attraktiv Stad

wou mer déi néngte Plaz weltwäit ageholl hunn, wat d'Wettbewerbsfäegkeet am Tourismus ubelaangt, ëmmerhin nach viru Frankräich, Spuenien an emol eng Kéier virun de skandinavesche Länner - dacks ass et jo ëmgekéiert.

Am Résumé ganz kuerz: Mir brauche weider eng konsequent Professionaliséierung an alle Beräicher, e Qualitätsmanagement fir d'Betriber - ech hunn dass gesot - respektiv och fir d'Points d'attrait an eng konsequent Offer an der Animatioun an och an der Betreiung vun den Touristen, well dass ëmmer méi gefrot gëtt.

Eppes, wat mir ëmmer wichteg ass, ech héiere mech och dass ëmmer erëm soen a soen et dann och nach eng Kéier zum Schluss, dass ass d'Kooperatioun tëschent den Acteuren. Dass ass eng ganz wesentlech Geschicht. Dass ass net ëmmer esou einfach, ech weess dass, an trotzdeem misse mer ëmmer erëm kucken, dass mer dass fäerdeg kréien.

Ganz zum Schluss wollt ech den Accord vu menger Fraktioun zu deem Projet de loi ginn. Merci.

» **Plusieurs voix**.- Très bien!

» **M. le Président**.- Ech soen dem Här Marco Schank Merci. Als nächste Riedner ass den Här Fernand Etgen agedroen.

Ech wollt lech just drop opmierksam maachen, dass mer no der Interventioun vum Här Etgen iwwert de Projet de loi an d'Proposition de loi wäerten ofstëmmen, esou géint Véierel vir sechs.

» **M. Fernand Etgen (DP)**.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, virowech gëllt en oprächtege Merci dem Rapporteur vum achte Fënnefjoresplang, dem Här Lucien Clement, fir säin engagéiert virgedroene mëndleche Rapport a säi prezis strukturéierte schrëftleche Rapport.

Mat 50,296 Milliounen Euro ass am achte Fënnefjoresplang eng considérabel Enveloppe virgesinn, fir während där Period 2008 bis 2012 den Tourismussektor ze ënnerstëtzen, e Sektour, deen zu den Aktivpilieren vum Mëttelstand hei zu Lëtzebuerg gehéiert.

De Fënnefjoresplang, deen 1973 vun engem DP-Tourismusminister an d'Liewe geruff ginn ass, ass haut wéi deemools e wichteg an nützlecht Instrument, fir en touristesche Gesamtkonzept ëmzesetzen an den zäitlechen Evolutiounen, den Erausforderungen an de verännerte Besoinë vun enger ëmmer méi usprochsvoller a kritescher Clientèle gerecht ze ginn.

Et ass een Instrument, fir ze reagéieren, ze agéieren an awer och fir ze innovéieren. Et ass d'Geleeënheet, fir Defiziter ze behiewen, Kurskorrektur virzehuelen an Akzenten fir déi no an déi mëttelfristeg Zukunft ze setzen.

Här President, wann ech am Commentaire des articles liesen: «Le huitième programme quinquennal est la continuation logique du septième et s'inscrit dans la transposition du concept stratégique global retenu en 1992 et actualisé depuis lors en 2001», da gesäit een direkt, wou de Schong dréckt. Hei gëtt just reagéiert an net innovéiert.

» **Plusieurs voix**.- Oh!

» **M. Fernand Etgen (DP)**.- Am neie Fënnefjoresplang gëtt just opgeschafft, wat an der Vergaangenheet leie gelooss ginn ass.

(*Brouhaha*)

D'Resultat vun der Etüd vun 2001 hätt scho missen am siwente Fënnefjoresplang ëmgesat ginn. Mir brauchen hei zu Lëtzebuerg einfach ze laang,...

(*Interruptions*)

...fir d'Konklusiounen vun Etüden...

» **M. le Président**.- Den Här Etgen huet ganz eleng d'Wuert!

» **M. Fernand Etgen (DP)**.- ...an engem rasonnabelen Zäitraum ëmzesetzen, an och dem Här Schank huet et ze laang gedauert, an hien huet dass virdrun hei preziséiert.

Och wa mer an der Regel alleguer mat dëse Konklusiounen vun deenen Etüden do d'accord sinn, esou verkommen awer d'Diskussiounen iwwert d'Zukunftsgestaltung vun der Tourismusbranche zu enger Oplëschung vu Constaten, déi mer schonn zënter Jore kennen.

Et gëtt gesot, wat mer kënnen, missen oder hätte solle maachen. Mat all deem, wat gesot gëtt, kann een och bal zu honnert Prozent d'accord sinn. Eenzeg an eleng ze

Vlächdt ee Wuert zum kulturellen Event-Tourismus. Wann ee kuckt, dass d'Konstantin-Ausstellung zu Tréier deenen Tréierer 50.000 Nüchteë mat 250.000 Visiteuren bruecht huet, dann ass dass enorm. Héichwäertegen kulturellen Event-Tourismus ass och bei eis méiglech an huet e grousst Potenzial, wann ech un de Willibrord denken, dee mer feieren, wann ech u Veianen denken an aner Events, déi et gëtt, besonnesch och am Kontext mat der UNESCO, mat zum Beispill der Festung Lëtzebuerg, mat der Sprangprozessioun, mat dem Mëllerdall - der Petite Suisse - oder och der Family of man. All dass gëllt et effikass ze vermaarten, an do sinn a mengen Aen eng ganz Partie Reserven dran.

Wann een déi Ëmfroe kuckt, déi mer fir 2007 gemaach hunn, da gëtt däitlech, dass ëmmerhi landeswäit 33% vun den Hotelen gesot hunn, si hätte vum Kulturjoer profitéiert. An der Stad waren et iwwer 70%. Wann een da weess, dass d'Segment Kulturtourismus nëmme 14% international ausmécht, ass dass scho ganz erheblech.

Den Internet ass net nëmmen nach wie vor, mä gëtt nach ëmmer méi wichteg, well en nach ëmmer net voll ausgenotzt gëtt am Tourismusberäich. Och do eng Ziel: 400.000 Reesen op Lëtzebuerg sinn 2006 iwwer Internet reservéiert ginn. Also, sech informéiere mécht de Gros vun de Leit, awer dass ass d'Ziel vun de Reesen, déi reservéiert gi sinn.

Op d'LuxembourgCard wëll ech net weider agoen. Dass nach wie vor eng „success story“, wat gutt ass, a wou et och gutt ass, dass mer d'Groussregioun zimlech vun Ufank u mat abezunn hunn.

Ech wollt awer nach ee Moment beim Vëlostourismus bleiwen. Och dass ee ganz wichtegt Segment an do sinn an der Vermaartung nach Verbesserungen op jidde Fall méiglech. Ech si frou, dass zënter Dënschdeg, hunn ech mer soe gelooss, op dem Ministère vun de Classes moyennes eng Demande läit fir d'Grënnung vun enger neier Sociétéit, fir ebe genau dass ze maachen, wat dacks feelt: d'Plangen, d'Ausschaffen, d'Organiséiere vu Vëlostier, d'Vente vu Vëlostier mat Accessoiren, souwuel bei der Randonnéeë wéi och beim Vëlostgeschier selwer, a Verbindung och mam Wandertourismus. Ech hoffen, dass an deenen nächste Méint dann déi Entreprise do och wäert schaffen. Et ass gutt, dass d'Privatwirtschaft sech dem Sujet Vëlostourismus unhëlt.

Ee Wuert nach zum „Dynamic Packaging“ - eppes, wat ëmmer méi wichteg gëtt. Dass ass, Dir kennt dass, déi client-orientéiert Zesummesetzung vun Dealer vun enger Rees, esou e Baukastensystem, wou een eng Rei vu Kontingenter huet fir de Fliger, den Hotel an esou weider. Och do misse mer mat-spillen, dass heescht, dass een e Mix brauch vu Points d'attrait, Gastronomie, Kultur, Sport an Natur, wat een och als „Package“ kann ubidden.

Op de Q-Label wëll ech net weider agoen, well dass soss ze laang gëtt. Ech huelen un, dass de Minister dass mécht. Dass ass eng ganz flott Saach. Vill Betriber maachen do mat. Dee Q-Label ass nom Schwäizer Modell konzipéiert ginn, deen d'Evaluatioun vu Soft- an Hardware beinhalt a wou och d'Mataarbechter forméiert ginn, fir dem Client entspreichend den Accueil ze maachen, wat enorm wichteg ass, gekoppelt un „mystery checks“ an dass, wat och soss do noutwendeg ass.

Wat eng gutt Noricht ass, dass ass och, dass d'Fiche-d'hébergementen deemnächst kommen. Och eng laang Fuerderung. Ech hu mer soe gelooss, dass de Projekt prett ass an dass en aller Viraussicht no Ënn Februar wäert kënnen hei an der Chamber gestëmmt ginn.

Firwat ass deen esou wichteg? Ma, well een d'Fiche d'hébergement brauch, fir eng uerdentlech Maartfuerschung ze maachen, an duerfir si mer frou, dass dass och elo kënnt.

Zum Schluss ee Saz zur Kooperatioun um Benelux-Niveau, well ech déi och als ganz wichteg ugesinn an déi onbedéngt soll oprechterhale ginn. Ech wënsche mer och, dass am Kontext vun der Neiausschaffung vum Benelux-Traité d'Kooperatioun um touristesche Plang net vergiess gëtt.

Här President, ech hu probéiert, ee kuerzen l'wverbléck ze ginn. Ech mengen och, an dass wollt ech positiverweis soen, dass de Ministère mat den Acteuren verstanen huet, am Virfeld vun 2007 an och während 2007 Lëtzebuerg dobause richtig ze positionéieren an och eng Aart nationale Profil ze gi fir eis Destinatioun. Dass ass immens wichteg gewiescht. Méi kompetitiv kënnen mer sécher och nach ginn a misse mer och ginn.

Ech wëll awer soen, dass mer 2005 eng gutt Note krute vum World Economic Forum,

Business- a Kongresstourismus: Wat an der Stad gutt fonctionnéiert, misst och an den Zentren Nordstad, Veianen, Wolz a Klierf promouvéiert ginn.

A last but not least eng diversifiéiert gastro- nomesch Offer mat den entsprechende re- gionale Produkter.

Mir hunn am Norden an am Oste mam Stau- see, den Éisleker Koppen, der Sauer, dem Mëllerdall an d'ganz Musel erof eng natier- lech schéin an uspriedhend Landschaft. Mir mussen einfach kucken, wéi mer dës Re- giounne kënnen opwäerten an touristesch besser notzen.

Här President, d'Grënnung vun den neien Offices régionaux touristiques Ardennen a Mëllerdall, wou déi bénévol a professionell Acteure konkret zesummeschaffen, muss eng „success story“ ginn. Och wa mer ëm- mer méi Professionalitéit wëllen, däerfe mer déi fräiwëlleg Acteuren net an den Eck drécken. Alle béid hu jo schliesslech ge- meinsam Ziler: den Opbau vun enger ko- ordinierter Promotioun, d'Ausschaffe vun neien touristesche Projeten, eng professio- nell Begleedung vu groussen Eventer, den Ausbau vun de Guides touristiques, d'Initia- tioun vu grenziwwerschreidende Projeten.

Här President, eppes, wat am ganze Land a ganz besonnesch am Éislek fir den Tourist kaum interessant ass, ass den öffentlechen Transport. Déi sougenannt Linnestrecke si keng Äntwert op dem Tourist seng Be- soinen. Hei proposéiere mir e Shuttle-Bus - ähnlech wéi de Wäistrooss-Bus laanscht d'Musel -, deen an der Haaptsaison e puer- mol am Dag am Rundkurs déi wichtegst touristesch Zentre wéi Clierf, Veianen, Di- krech, Ettelbréck, d'Fuussekaul, Esch- Sauer, Wolz an anerer géif usteieren, dat Ganzt mat engem professionelle Guide. Esou kënt een dem Tourist quasi déi kom- plett touristesch Offer zu engem räsonna- bele Präis ubidden. Esou eng Initiativ passt och an de Kader vun engem qualitativen an nohaltegen Tourismus. Dëse Shuttle-Bus misst awer och déi ländlech Regiounne mat der Stad Lëtzebuerg verbannen. Op dës Manéier kéint een eiser Meenung no een optimaalt a fir vill Leit op d'Mooss zouge- schniddent Produkt ubidden.

Mir mussen awer och probéieren, de Verän- nerungen am globale Verkéiserssecteur Rechnung ze droen. Hei muss eis Opmierk- samkeet de Bëllegfluglinne gëllen oder de Punkt-zu-Punkt-Transportdéngschter. Dat heescht, mir mussen Uschloss fannen u Flughäfe wéi Hahn oder Charleroi, ouni datt mer eiseme eegene Flughafen ze vill Konkur- renz maachen. Den auslänneschen Tourist muss d'Méiglechkeet hunn, vun dëse Punk- ten aus op Lëtzebuerg ze kommen, fir an ei- sem Ländche Vakanz ze maachen. Et gëllt och op dëse Plaze mat där néideger Publi- zitéit aktiv ze ginn.

Här President, ech wëll och nach e puer Wieder verléieren iwwert deen immense Patrimoine hei zu Lëtzebuerg, dee menger Meenung no touristesch net genuch genotzt gëtt, nämlech de reliéis-kulturelle Patri- moine. Eis Lëtzebuerger Kulturlandschaft ass staark geprägt vum Chrëschtentum. Dat gesäit een an eise Stied an Dierfer mat hire ville Kierchen a Kapellen, déi an der Regel exzellent mat öffentleche Suen an d'Rei ge- sat goufen, awer fir den Tourist zougespaart bleiwen.

(Interruptions diverses)

Sollen dës Gebaier mat hirer kënschtler- escher Ausstrahlung net touristesch valori- séiert ginn?

Hei gëtt et herrlech Konschtschätz ze ku- cken, déi een a wöchentlechen Itinéraires duerch bedeitend sakral Gebaier deem in- teresséierten Tourist an der Haaptsaison méi no kënt bréngen. Op dës organiséiert Manéier kéint een och d'Sécherheets- an Iwwerwaachungsproblemere léisen, andeem datt een op aviséiert bénévol Kräfte géif zrëckgräifen. Et soll ee vun der Experienz vun der Journée du patrimoine profitéieren, wou an engem Itinéraire op engem Dag dem Lëtzebuerger Public d'Kierchen op- gespaart goufen.

Dee richtegen Impuls, Här Tourismusminis- ter, an dësem Sënn kann 2008 dat 1.350. Gebuertsjoer vum hellege Willibrord ginn, wat 2008 lechternach maßgeblech wäert prägen.

Här President, ech hat virdru jo erwähnt, datt eis Kulturlandschaft een onschätzbaren Atout vu ganz Lëtzebuerg ass. Dëst Poten- zial ass nach ausbaufäeg. Lëtzebuerg huet trotz sengem klengen Territoire eng erstaun- lech landschaftlech an natierlech Villfalt. An dësem Sënn geet den IVL dovun aus, datt 60% vun der Landesfläch net solle verbaut ginn. Mir mussen oppassen, datt déi land- schaftlech a biologesch Villfalt hei zu Lëtze- buerg net verluer geet.

» Une voix.- Très bien!

» M. Fernand Etgen (DP).- Duerfir wëll ech ausdrécklech betounen, datt Tourismus net konträr ass zum Naturschutz an datt den Naturschutz net nëmmen der Natur dëngt, mä gläichzäiteg eppes zum sozialen a wirt- schaftlechen Erfolleg vun enger Gesell- schaft an zur Beräicherung vun der touris- tescher Offer ka bäidroen.

Et gëllt also eng Gemeinschaftsstrategie fir d'Erhale vun der Aartevillfalt ze entwécke- len, vun där engersäits d'Natur eppes huet, déi awer op där anerer Säit och vun Notze fir den Tourismus ass. Et gëllt, d'Natur als kollektiivt Gutt vun eis all ze schützen, ze kultivéieren an ze développéieren. Och dat ass aktiv Tourismuspolitik. D'Natur brauch keng Touristen, awer d'Touriste brauchen d'Natur.

Et ass haut scho vill iwwer Qualitéitstouris- mus geschwat ginn. Zu engem qualitativ héichwäertegen Tourismus gehéiert awer och eng qualitativ héichwäerteg Ëmwelt. D'Qualitéit vum Waasser vun enger ganzer Rei Flëss aus attraktiven touristesche Géi- gende léisst allerdéngs staark ze wënschen iwwreg. De Bau vu Kläranlagen op der Mu- sel, awer net nëmmen do, muss endlech konsequent virugedriwwen ginn. D'Waasser- schutzpolitik muss endlech och hei am Land zu enger politescher Prioritéit erkläert ginn. Och dat ass eiser Iwwerzeegung no aktiv Tourismuspolitik.

Lëtzebuerg huet leider kee Mier, duerfir ass eise Fräizäittourismus staark ofhängeg vum Waasser a senge sportlechen a rekreative Méiglechkeeten. Proppert Waasser, an deem een ouni Gesondheetsrisiko schwam- men oder Kanu fuere kann, ass een exzel- lent Argument fir dem Tourist säi Choix, wou en déi nächst Vakanz verbrénge wëllt.

Här President, vläicht nach e puer Wuert iw- wert de Campingstourismus, deen zënter Jore réckleefeg ass, engersäits bedéngt duerch d'schlecht Wieder grad an de Va- kanzwochen, anersäits well den Tourist ëmmer méi bequem gëtt an e gewëssene Confort sicht. An dach spillt de Campings- tourismus hei zu Lëtzebuerg, wann een d'Zuele vun den Iwwernuechtunge kuckt, nach eng considérabel Roll.

Vill vun eise bestehende Campinger leie laanscht eise Fléissgewässer. Or, wann ech de Projet vum Waasserschutzgesetz ku- cken, fäerten ech e bëssen, datt duerch eng Panoplie vu Verbueder de Campings- tourist seng rekreativ Méiglechkeeten age- schränkt kritt.

Ech wëll duerfir den Tourismusminister froen, wat hie gedenkt ze ënnerrhuelen, fir dem Campingstourismus erëm eng nei Chance ze ginn.

Här President, den Tourismus zu Lëtze- buerg als wirtschaftlech Aktivitéit läit zum gréissten Deel an der Hand vu private Betri- ber, an zwar Klengst-, Kleng- a Mëttelbetri- ber.

Et ass haut schonn e puermol ugeklongen, datt Tourismusbetriber sech musse perman- ent moderniséieren a weiterentwéckelen. Déi grouss Bürokratie lähmt awer dëse fir dës Branche immens wichtege Prozess. Eis Tourismusbetriber si veronséichert, well si ganz oft net duerch den Dschungel vu Ge- setzer, Reglementer, Virschrëften, Paragra- phen an Instruktiounen gesinn.

Sou wéi an der Mëttelstandspolitik am Ge- neralle brauche mir speziell am Tourismu- sanner Bürokratie, manner Virschrëftewirr- warr a manner administrativ Schikanen. Mir brauchen einfach a verständlech Proze- duren.

D'Fro vum Ofbau vun der Bürokratie, vun de bürokrateschen Hindernisser, déi an deene leschte Joren éischter zougehooll hunn, an- statt datt se ofgebaut gi sinn, muss endlech aktiv ugepaakt ginn. Et geet net nëmmen duer, vun Entfesselung ze schwätzen an Aarbechtsgruppen zu deem Sujet anzeset- zen. De Bürokratieofbau muss och endlech fir d'Acteuren um Terrain ze spiere sinn.

Wann ech virdru vun enger gewëssener Le- thargie am Tourismusministère geschwat hat, da gëllt dat sécherlech och fir d'Classes moyennes - zwee Ministèren, déi scho jorelaang ënnert der Responsabilitéit

vun engem an deemselwechte Minister stinn an déi sech leider duerch keng allze grouss Dynamik auszeechnen.

Et muss erëm Freed maachen, fir fräien Tou- rismusacteur ze sinn a fräien Tourismus- acteur ze bleiwen.

(Interruption)

Och dat ass aktiv Tourismuspolitik, Här Mi- nister.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Här President, erlaabt mer zum Schluss drop hinzewiesen, datt mer a puncto Touris- mus hei zu Lëtzebuerg dach awer vill Posi- tives opzeweisen hunn,...

» Plusieurs voix.- Ah!

» M. Fernand Etgen (DP).- ...quitte vun deene regionalen Ënnerscheeder, vun deen- en ech virdru geschwat hunn. Am Ver- gläich mat anere Länner sti mer guer net esou schlecht do. Mir mussen awer oppas- sen, datt mer no e puer grouse grenz- iwwerschreidenden an internationalen Eventer wéi dem Tour de France, wéi der Présidence 2005, wéi dem Kulturjoer 2007 - wat mer iwwregens mat der Iddi vum bloen Hirsch exzellent am Ausland vermaarte konnten - net mat engem Retour an d'Nor- malitéit dësem Secteur seng Dynamik nees ausbremsen.

Den Tourist vun haut huet duerch seng ge- steigert Reesexperienz héich Erwaardunge géintiwuer den Déngschtleeschungsprovi- deren an der Tourismusbranche. Et gëllt dës Erwaardungen ze erfëllen, well nëmmen een zefriddenen Tourist kënt dat Joer drop nees zrëck an ass eventuell bereet, Lëtze- buerg als Vakanzdestinatioun ze recom- mandéieren. Mir brauchen duerfir einfach, prezis a virun allem verständlech Kommuni- katiounsregelen. Professionell Frëndlech- keet a kompetent Berodung sinn d'Mots d'ordre fir all Tourismusinfo.

Grousse Wäert muss awer och op d'Zil- grupp vun deene jonke Leit geluecht ginn, ouni dobäi déi eeler Clientèle ze vernoléis- segen. D'demographesch Verännerungen an eiser Gesellschaft wäerten och d'Trends an d'Nofo am Tourismussecteur an Zukunft staark beaflossen. Den Undeel vun de Leit iwwer 60 Joer wäert an deenen nächste Jore bis op een Drëttel an d'Luucht goen. Dës Leit fille sech vu Gesondheetsprogram- mer, Kuren, Fitnessaktivitéiten ugezunn, bleiwen an der Regel méi laang a kënne be- sonnesch an der Vir- an an der Nosaison d'Investitiounen rentabiliséieren.

Den aachte Fënnefjoresplang kéint de Ka- der bidden, fir all dësen Iwwerleeungen, Vir- schléi an Ureegung Rechnung ze droen. Leider mécht en dat an eisen Äen net ge- nuch respektiv nëmmen hallefhäerzeg.

D'Fraktioun vun der Demokratescher Partei wäert de virleidenen Text awer stëmmen,...

» Plusieurs voix.- Oh!

» M. Fernand Etgen (DP).- ...well mir nach ëmmer vun der Richtegkeet vun dem Konzept vun de Fënnefjorespläng iwwer- zeegt sinn. Eis grouss Hoffnung besteet awer doran, datt d'Instrument vun de Fën- nefjorespläng nees eng nei Dynamik kritt an datt mir 2013 net nees ähnlech Discoursé musse féieren, wéi haut.

Ech fir mäin Deel soe Merci fir d'Nolausch- teren.

» Plusieurs voix.- Très bien!

(Brouhaha général et hilarité)

» M. le Président.- Dir Dammen an Dir Hären, wann ech dat richtig verstanen hunn a wa jiddferree sech berouegt huet, da kéime mer zur Ofstëmmung iwwert de Pro- jet de loi 5380.

Et wär zwar relativ einfach. D'Presidente- konferenz huet sech haut de Moie ganz laang driwwer ënnerrhalen, wéini mer haut de Mëtteg sollen ofstëmmen, well ganz vill Kolleginnen a Kollegen um Begriefnis vun der Madame Lenz waren. Duerfir verstinn ech net, dass dat konnt zu esou groussen Diskussiounen hei féieren iwwert de Mo- ment, wéini mer dee Vote solle virhuelen. Da maache mer deen elo.

(Brouhaha général)

Et ass an der Presidentekonferenz, wou all Grupp dra vertruete war, diskutéiert ginn.

(Interruptions)

Dach, et war jiddferreen do vertrueden. Mä loosse mer elo domadder ophalen! Mir stëmmen elo of.

5. 5380 - Projet de loi sur la commercialisation des semences et plants ainsi que sur la coexistence des cultures génétiquement modifiées, conventionnelles et biologiques

5681 - Proposition de loi relative à la modification de la loi modifiée du 20 juillet 1992 portant modification du régime des brevets d'invention (suite)

Mir stëmmen of iwwert de Projet de loi 5380.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5380 ass ugehooll mat 52 Jo- Stëmmen, bei kenger Nee-Stëmm a 5 Abs- tentiounen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval (par M. Marcel Oberweis), Nancy Arendt (par Mme Christine Doerner), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Lucien Clement), MM. Marcel Glesener (par Mme Martine Stein-Mergen), Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par M. Norbert Hauptert), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Casteg- naro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Roland Schreiner), MM. Roger Negri, Jos Scheuer (par M. Roger Negri), Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens (par M. Eugène Berger), Paul Helminger (par Mme Colette Flesch) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Claude Adam), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Lo- schetter (par M. Jean Huss).

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir stëmmen dann of iwwert d'Proposition de loi 5681 vum honorabelen Här Kox.

Vote sur l'ensemble de la proposition de loi et dispense du second vote constitu- tionnel

D'Proposition de loi 5681 ass eestëmmeg ugehooll mat 56 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval (par M. Marcel Oberweis), Nancy Arendt (par M. Lucien Clement), M. Lucien Cle- ment, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par Mme Stein-Mergen), MM. Marcel Gle- sener (par Mme Christine Doerner), Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Pa- trick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Mme Martine Stein- Mergen, MM. Lucien Thiel et Lucien Weiler;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Casteg- naro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Roland Schreiner), MM. Roger Negri, Jos Scheuer (par M. Roger Negri), Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Carlo Wagner), M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens (par M. Xavier Bettel), Paul Helminger (par M. Eugène Berger), Alexandre Krieps (par Mme Colette Flesch) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Claude Adam), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Lo- schetter (par M. Félix Braz);